Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, de 4ten Abrëll 2019.

# sne - infomail

## Informatiounen, déi fir d'Schoulorganisatioun 2019-2020 vu Relevanz kéinte sinn !!!

**Léif Kolleginnen, léif Kollegen,**

**Mat dësem Schreiwes wollte mir iech eng Partie Informatiounen, déi fir d'Schoulorganisatioun 2019-2020 vu Relevanz kéinte sinn, zoukomme loossen.**

## - « Compte épargne-temps » CET - ab dem 01.10.2018 :

☛ **Ab dem Schouljoer 2018-2019 ass de CET am Enseignement a Kraaft.** Fir dass d'Enseignanten net benodeelegt ginn, ass et ab dem 1. Oktober 2018 méiglech Iwwerstonnen op dem CET unzespueren, an se net méi ausbezuelen ze loossen.

Am Fall, wou dir wärend dësem Schouljoer schonns reegelméisseg Iwwerstonne geleescht hutt, fir déi dir indemniséiert gouft, esou ass et réckwierkend méiglech, déi Iwwerstonnen op äre CET androen ze loossen. An deem Fall kritt dir dann e negative « Recalcul » op ärem Traitement gemaach fir déi Iwwerstonnen, déi iech schonns ausbezuelt gi sinn a fir déi dir awer nodréiglech decidéiert, se op de CET androen ze loossen.

☛ **Ab dem Schouljoer 2019-2020 kënnt dir dann am Virfeld decidéieren, op dir är Iwwerstonnen, egal op reegelméisseger oder occasioneller,**

- all wëllt ausbezuelt kréien,
- all wëllt op äre CET setzen,
- oder zum Deel wëllt ausbezuelt kréien an zum Deel wëllt op de CET gesat kréien.

**Wichteg ass et ze wëssen, dass maximal 20% vun ärer Tâche kënnen op de CET gesat ginn. An der Praxis bedeit dëst, dass eng Léierin oder e Schoulmeeschter am C1 maximal 5 Schoulstonnen (« Leçons ») pro Woch op de CET setze kann, wärend dat am C2-C4 4,6 Schoulstonnen sinn. Fir d' « Chargés de cours » sinn et am C1 5,2 Schoulstonnen an am C2-4 4,8 Schoulstonnen.**

☛ **Esou wéi an der ganzer Fonction publique kann de CET exklusiv mat Iwwerstonne gespeist ginn, an dat bis zu engem Plafong vu 900 Schoulstonnen. Wéi een déi um CET ugespuerte Schoulstonnen aléise kann, do ginn et eng Rei Méiglechkeeten :**

- Et kann ee maximal 1 Joer éischter a Pensioun goen, wann ee genuch Iwwerstonnen ugespuert huet.
- Et kann een eng « Année sabbatique » bei vollem Gehalt huelen, wann ee genuch Iwwerstonnen ugespuert huet.
- Et kann een eng Reduktioun vun der Tâche kréie bei vollem Gehalt, wann ee genuch Iwwerstonnen ugespuert huet.
- Et kann ee verschidde Congéë bis zum Ufank vun engem neien Trimester verlängeren (z.B. « Congé de maternité », « Congé parental », « Congé d'accueil », … ), wann ee genuch Iwwerstonnen ugespuert huet.

## - « Service à temps partiel » STP :

☛ **Ab dem Schouljoer 2019-2020 kënnt et endlech zu de Rektifikatiounen, wat d'Deelzäittâchen ubelaangt, déi vum SNE/CGFP gefuerdert goufen.**

**Esou kënnen elo och am Enseignement d'Paliere vu 70% an 80% vun engem « Service à temps plein » applizéiert ginn.**

Och ginn elo d'Schoulstonnen fir den direkten Unterrecht folgendermoosse festgehalen:

| Tâche en % | C1 | C2-4 |
|---|---|---|
| 40 | 10 | 9,2 |
| 50 | 12 | 11 |
| 60 | 15 | 13,8 |
| 70 | 17,5 | 16,1 |
| 75 | 18 | 17 |
| 80 | 20 | 18,4 |
| 90 | 22,5 | 20,7 |
| 100 | 25 | 23 |

☛ **Ervirzehiewen ass, dass d'Tâchë bei engem « Degré de tâche » vu 50% a vu 75% vun engem « Service à temps plein » net ugetaascht goufen an um selwechten Niveau bleiwe wéi dat bis elo de Fall war. Si ginn also weiderhin no ënnen ofgeronnt.**

☛ Obwuel mam Gesetz vum 9. Mee 2018 d'Méiglechkeet ofgeschaaft gouf ee « Service à temps partiel » vu 25% unzefroen, ass et awer esou, dass déi Léierinnen a Schoulmeeschter, déi scho virum Akraafttriede vun dësem Gesetz eng 25%-Tâche haten, déi och behalen an dat zu de selwechte Konditioune wéi bis elo. Am C1 hu si och an Zukunft 6 Schoulstonnen direkten Unterrecht ze leeschten, wärend et am C2-4 5 Schoulstonnen sinn.

☛ **Wat elo den Tableau ubelaangt, ass et natierlech esou, dass an der Praxis keng Kommazuele berécksiichtegt ginn, mä dass déi Kommazuelen no uewen opgeronnt ginn. Et kritt een d'Differenz entweder als Iwwerstonn ausbezuelt oder se awer op de CET gesat.**

**Wann een also zum Beispill** am C2-4 ee « Service à temps partiel » vu 60% wielt, da muss ee 14 Schoulstonnen direkten Unterrecht halen an et kritt een 0,2 Schoulstonnen pro Woch (7,2 Schoulstonnen pro Schouljoer) op de CET gesat oder awer als Iwwerstonnen ausbezuelt.

☛ **Den « Appui pédagogique »** gëtt och am Prorata gerechent. Och hei gi keng Kommazuele berécksiichtegt, mä déi Kommazuele ginn op déi nächst Unitéit no uewen opgeronnt an et kritt een d'Differenz entweder op de CET gesat oder als Iwwerstonn ausbezuelt.

**Och hei e klengt Beispill :**

Am C2-4 muss ee bei enger voller Tâche 54 Stonnen « Appui pédagogique » am Joer halen.Wann een ee « Service à temps partiel » vu 40% wielt misst ee reng rechneresch 21,6 Stonnen « Appui pédagogique » halen. An der Praxis muss ee bei enger 40%-Tâche dann awer pro Joer 22 Stonnen « Appui pédagogique » halen an et kritt een 0,4 Stonnen op de CET gutt geschriwwen.

☛ **Bei der « Concertation »,** den Aarbechten am Zesummenhang mam Partenariat mat den Elteren an den administrativen Aarbechte bleift et beim STP bei den aktuellen Dispositiounen.

☛ **D' « Formation continue »** gëtt och am Prorata vun der Tâche gerechent a bei enger eventueller Kommazuel kann een de Surplus mat an déi nächst Referenzperiod mat eriwwer huelen. De Maximum vu 16 Stonnen, déi ee mat an déi nächst Referenzperiod ka mat eriwwer huelen, bleift och am Fall vun engem STP bestoen.

☛ Wat elo **d' « Décharges pour raisons d'âge »** ubelaangt, esou gëtt déi och am Prorata vun der Tâche gerechent an da mat der jeeweileger Stonnenzuel, déi dem « Degré de la tâche » entsprécht, verrechent.

**Hei e puer Beispiller :**

- **Fir Leit, déi eng « Décharge pour raisons d'âge » ab 45 Joer zegutt hunn :**

Bei enger 100%-Tâche kréien déi Agenten eng Altersdecharge vun enger Wochestonn.

An dësem Fall huet een am C1 bei enger 90%-Tâche 22,5 Schoulstonnen direkten Unterrecht an et kritt een eng Altersdecharge vun 0,9 Schoulstonn pro Woch . Deemno hätt een dann theoretesch eng Tâche vun 22,5 – 0,9 = 21,6 Schoulstonnen. Et misst een dann 22 Schoulstonnen direkten Unterrecht halen an et kritt een dann 0,4 Schoulstonn pro Woch (am Prinzip 14,40 Schoulstonnen pro Joer) op de CET gutt geschriwwen.

Am C2-4 huet een an dësem Fall 20,7 Schoulstonnen direkten Unterrecht bei enger 90%-Tâche an et kritt een eng Altersdecharge vun 0,9 Schoulstonn pro Woch. Deemno hätt een theoretesch eng Tâche vun 20,7 – 0,9 = 19,8 Schoulstonnen. Et misst een dann 20 Schoulstonnen direkten Unterrecht halen an et kritt een dann 0,2 Schoulstonn pro Woch (am Prinzip 7,2 Schoulstonnen pro Joer) op de CET gutt geschriwwen.

- **Fir Leit, déi eng « Décharge pour raisons d'âge » ab 50 Joer zegutt hunn :**

Bei enger 100%-Tâche kréien déi Agenten eng Altersdecharge vun 2 Wochestonnen.

An dësem Fall huet een am C1 bei enger 70%-Tâche 17,5 Schoulstonnen direkten Unterrecht an et kritt een eng Altersdecharge vun 1,4 Schoulstonnen pro Woch. Deemno hätt een dann theoretesch eng Tâche vun 17,5 – 1,4 = 16,1 Schoulstonnen. Et misst een da 17 Schoulstonnen direkten Unterrecht halen an et kritt een dann 0,9 Schoulstonn pro Woch (am Prinzip 32,4 Schoulstonnen pro Joer) op de CET gutt geschriwwen.

Am C2-4 huet een an dësem Fall 16,1 Schoulstonnen direkten Unterrecht bei enger 70%-Tâche an et kritt een eng Altersdecharge vun 1,4 Schoulstonnen pro Woch. Deemno hätt een theoretesch eng Tâche vun 16,1 – 1,4 = 14,7 Schoulstonnen. Et misst een da 15 Schoulstonnen direkten Unterrecht halen an et kritt een dann 0,3 Schoulstonn pro Woch (am Prinzip 10,8 Schoulstonns pro Joer) op de CET gutt geschriwwen.

☛ **Déi Stonnen, déi op de CET gesat géife ginn, kann een natierlech och als Iwwerstonnen ausbezuelt kréien.**

☛ **Erënnere mir nach eng Kéier drun, dass ee sech ab nächster Rentrée am Ufank vum Schouljoer entscheede muss, ob a wéi vill vu senge reegelméissegen Iwwerstonnen ee gären op de CET gesat wëllt kréien oder sech awer als richteg « Iwwerstonnen» ausbezuele wëllt loossen.**

☛ **Mir hoffen, dass mir iech mat dësen Informatioune bei der Preparatioun vun ärem nächste Schouljoer behëlleflech konnte sinn.**

**Mat syndikalistesche Gréiss,**
**De Comité central vum SNE/CGFP**

Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu